**Evangelium vum 20. Sonndeg am Joreskrees (Joer A)**

**Mt 15,21-28**

21 De Jesus huet sech an d'Gebitt vun Tyrus a vu Sidon zréckgezunn.

22 Dunn ass eng kananäesch Fra, déi aus där Géigend war, bei hie komm
an huet haart gejaut: "Erbaarm dech menger,
Här, Jong vum David:
Meng Duechter gëtt vun engem Dämon uerg geplot!"
23 De Jesus awer huet der Fra mat kengem Wuert geäntwert.
Du koumen seng Jünger
an hunn hie gebieden: "Schéck si dach fort[i],
fir datt si net méi esou hanner äis hier jäizt!"

24 Hien huet hinne geäntwert:
"Ech sinn nëmme just
bei déi verluere Schof aus dem Haus Israel geschéckt ginn."

25 D'Fra awer ass komm,
huet sech virun him op de Buedem gehäit
a sot: "Här, hëllef mir!"

26 Hien huet hir geäntwert:
"Et ass net gutt, de Kanner hiert Brout ewechzehuelen
an et deene klengen Hënn dohinzegeheien."

27 Dueropshi sot si: "Jo, Här.
Ma esouguer déi kleng Hënn iesse vun de Grimmelen,
déi vun hire Meeschteren hirem Dësch eroffalen."

28 Du sot de Jesus zu hir: "Fra, däi Glawen ass grouss.
Dat, wat s du wëlls, soll geschéien!"
A vun där Stonn u war hir Duechter geheelt.

---

[i] *Aner Iwwersetzungsméiglechkeet: Maach si dach fräi [vun hirer Suerg].*